Dépôt
Aly Jaerling
03.07.2009

RESOLUTIOUN

Den Escher Gemengerot

sech beruffend op d'Lëtzebuerger Verfaassung, déi an hiren Artikelen 10 an 11 folgendes festschreiwt :

Artikel 10.1. « Les Luxembourgeois sont égaux devant la loi »

Artikel 10.2. « Ils sont admissibles à tous les emplois publics, civils et militaires ...»

Artikel 11. « Il n'y a dans l'Etat pas de distinction d'ordre »

ass awer bei den Astellungen op Gemengeposten dermatt konfrontéiert, datt den Artikel 25.b. vum Gesetz vum 20.12.2002 waat d'Gesetz vum 23.07.1952 iwwert d'Organisatioun vum Militär modifiéiert folgendes virschreiwt:

25.b. « Bénéficient d'un droit de priorité pour les emplois de la carrière inférieure des autres administrations, offices, services et établissements publics y compris les établissement d'assurance sociale, les communes, les établissements et syndicats communaux et la société de chemins de fer luxembourgeois »

datt den Artikel 17.5. vum Gesetz vum 24.12.2007 iwwer d'Reform vun der Arméi den als Arikel 25.2. an d'Arméigesetz intégréiert ginn ass folgendes festschreiwt :

« Les soldats volontaires aiyant accomplis au moins 36 mois au sein d'une UDO bénéficient d'un droit de priorité d'embauche pour la carrière de l'ouvrier de l'Etat pendant un délai de 24 mois à partir de la date où ils ne

font plus partie d'une UDO ».

datt d'groussherzoglecht Reglement vum 13.12.2004 d'Konditiounen fir d'Astellungprioritéit vun den Saldoten bei den öffentlechen Instanzen regelt ;

gesäit an dëse virzitéierte Gesetzestexter an dem groussherzoglechen Reglement eng kloer Violatioun vun den Artikelen 10 an 11 vun der Lëtzebuerger Verfaassung ;

kann d'Argument vun de Gesetzesverfaasser net deelen, daat seet, d'Saldoten hätten eng Prioritéit zegutt, well se eisem Land en wertvollen Déngscht geleescht hätten ;

betount, datt all Bierger an all Schaffenden hei am Land, deen séng deeglech Tâche erfëllt, eisem Land en wertvollen Déngscht leescht ;

datt an dës schwéieren Zäiten, méi wéi nach ni, Chancegläichheet, déi am Artikel 10 an 11 vun eiser Verfaassung festgeschriwwen ass, muss jiddferengem garantéiert ginn, an datt et keng Prioritéit an och keng Diskriminatioun duerf bei Astellungen ginn ;

muss awer, opgrond vum Arméigesetz Prioritéiten bei der Astellung ausspriechen, an oft Kandidaten mat de beschte Examensresultater fir déi ausgeschriwwen Posten, eng Astellung refuséieren ;

kann esou eng Prioritéitenprozedur net akzeptéieren,

fuerdert doofir déi nei Regierung op

d'Arméigesetz konform zu den Artikelen 10 an 11 vun der Lëtzebuerger Verfaassung esou ze reforméieren, datt den Artikel 25.2. aus dem Arméigesetz gestrach gëtt fir absolut Chancegläichheet bei den Astellungen ze garantéieren;

d'groussherzoglecht Reglement vum 13.12.2004 betreffend d'Modalitéiten vun den Astellungsprioritéit vun den Saldoten ze annuléieren ;

derfir ze suergen, datt d'Artikelen 10 an 11 vun der Lëtzebuerger Verfaassung an alle Beräicher respektéiert gëtt, fir absolut Chancegläichheet fir all Bierger an all Schaffenden ze garantéieren.

Aly Jaerling
Gemengeconséilljé